



(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 56 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Emile Eicher), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup).

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv zum Ofstëmmen vun der Motioun. Wie wëllt zu dëser Motioun nach e Wuert soen? Den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy** (déi gréng).- Merci, Här President. Mir haten an de leschte Joren eigentlech an der Ëmweltkommissioun an doriwwer eraus scho relativ vill Diskussiounen iwwert d'Theema vun der Juegd an domat engem d'Klappjuegd. A mir hunn eis an der Ëmweltkommissioun och ganz detailléiert domat beschäftegt.

Dat Ganzt hat eigentlech ugefaange mat enger Petitioun, déi mer haten, wou et ëm d'Verbidde vun der Klappjuegd gaangen ass. Doropshin hu mer festgehalen, dass mer géifen an der Ëmweltkommissioun verschidden Acteuren héieren, fir eeben ze schwätzen iwwert de Positionnement vun der Juegd, iwwert d'Problemer, déi et géif ginn, a wéi mer eis géifen domat auserueesetzen. Dunn hu mer Ëmweltschutzorganisatiounen, awer och d'Jeeër gehéiert a mat hinnen driwwer diskutéiert.

A mir sinn dunn och zur Konklusioun komm an der Ëmweltkommissioun an dat hu mer och festgehalen an engem Rapport, dee mer de Petitionären duerno weiderginn hunn - ech hunn deem zwar elo net hei viru mer leien, ech kann lech dee Saz net virlesen, mee et war sënngeméis awer dat -, dass mer zu Lëtzebuerg einfach eng lwwerpopulatioun hu vu gewëssenenem Wëld, wat zu deene bekannte Problemer féiert, déi ech och genannt hunn: Problemer an der Natur, an de Bëscher, Problemer fir d'Bauern, a wou mer awer och gesot hunn, dass dat kënnt duerch d'Awierken eebe vun dem Mënsch, deem d'Natur aus dem Gläichgewicht bruecht huet, wéi ech et och virduen a mengem Rapport gesot hunn.

An an der Kommissioun hu mer och festgehalen, dass mer eis natierlech mussen déi beschtméiglech Juegdpraxisse ginn, dass déi wierklech mussen ëmmer op deem beschte Standard sinn, wat Déiereschutz ugeet, am Respekt mam Naturschutz an esou weider, an dass mer d'Praxissen an deem Sënn och wëlle weiderentwéckelen, wéi dat och gemaach gëtt.

An deem Sënn wäert meng Fraktioun - an dat ass och meng Propos un d'Chamber - déi Motioun dofir esou, wéi se hei proposéiert ginn ass, net kënne stëmmen, well se einfach deenen Erausforderungen an de Problemer esou, wéi se hei steet, net gerecht gëtt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy. Da freet nach den Här Aly Kaes d'Wuert.

■ **M. Aly Kaes** (CSV).- Merci, Här President. Ech wëll et ganz kuerz maachen, well den Här Benoy huet eng ganz Rei Saache gesot. Et wier fatal, wa mer géifen eng Klappjuegd ofschafen an deem Land hei, engersäits, an et ass och ganz kloer, wa Problemer entstinn, well eng Surpopulatioun do ass, da mussen mer kënne reagéieren. Da mussen mer kënne reagéieren! An dat ass net géint d'Déier, mee niewent dem Déier gëtt et jo awer och nach Mënschen, déi Produktiounen hunn, déi Betriber hunn, an et muss een also en Equiliber hunn. A wann deem Equiliber net méi do ass, da muss ee reagéieren.

Duerfir ass et och wichteg, dass d'Juegd an där Form bestoe bleift mat enger Klappjuegd. Mat enger Responsabilitéit natierlech, mee et ass ganz wichteg, dass déi Klappjuegd bestoe bleift! Ech kommen aus enger Regioun, wou et extreem vill Bësch gëtt, Gott sei Dank vill Bësch gëtt, mat Dickungen. An et deet mer leed, wann een do ouni Klappjuegd wëllt iergendeppes beweegen a puncto Schwäin - déi laache sech kapott! Ech muss et esou soen, ...

(Hilarité)

... déi laache sech kapott, awer beweegt kritt een nâischts.

Merci.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools merci. Also et gëtt verschidde Methoden, fir heiriwwer ze schwätzen. Et gëtt déi, wéi d'Piraten iwwert d'Juegd geschwat hunn, an et gëtt eng seriö Method, fir iwwert d'Juegd ze schwätzen.

Déi seriö Method, fir iwwert d'Juegd ze schwätzen, mengen ech, ass déi, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift, e bësse méi roueg!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... an do si mer eis och eens heibannen, dass mer musse kucken, fir déi Juegd op esou eng Method ze maachen, déi esou schounend wéi méiglech ass. A mir haten déi Diskussioun, den Här Benoy huet dat jo och elo rappeléiert, an ech mengen, et war och de Mouvement écologique, deem eng Rei Propositione gemaach huet. An ech mengen, et gëtt keen, deem net der Meenung ass, dass mer déi Juegten, déi néideg sinn, sollten esou organiséieren, dass fir d'Déieren esou mann wéi méiglech Stress entsteet, an dat eeben esou professionell wéi méiglech maachen an deem Sënn, dass d'Zil erreecht gëtt, awer esou op eng human Manéier. Ech mengen, dat ass evident.

Wat awer net geet, mengen ech, wann een iwwert d'Juegd schwätzt, dat ass déi Geréngschätzung vun der Begrënnung, nämlech de Schued, deem d'Bauren erliden an aner Leit, deem an de Bëscher entsteet, wat och erëm zulaascht vun aneren Déieren ass. Et muss een déi Problematik am ganzen Zesammenhang kucken. Et sinn engersäits d'Schwäin, et sinn awer och aner Déieren, déi leiden, wann zum Beispill d'Beem Schued erliden. Also muss ee kucken, dass een de Kontext och ëmmer interpretéiert an net nëmmen eesäitig just den Akt vum Douthaache gesäit ouni de breede Kontext.

A schlussendlech, wat och net geet, dass ass déi Karikatur vum Jeeër. De Jeeër ass e Mënsch, deem u sech e wäertvollen ëffentlechen Opdrag erfëllt mat där Aarbecht, déi e mécht.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et ass dat! Et kann een natierlech soen, et wier elo fir Party ze feieren an esou weider, mee dat ass e Bild vun der Juegd. Dat ass eng Karikatur! Well d'Juegd ass wichteg fir d'Gläichgewicht an der Natur. An ech mengen, natierlech ass eis dru geleeën, dass d'Jeeër gutt ausgebild sinn, dass se sécher schéissen, dass et seriö gemaach gëtt. Mee et kann een dach net hei déi Leit erofmaachen a wierklech un hirer Eier hei réieren! Well si maachen en Opdrag an eisem Interessi, am Interessi vun der Gesellschaft, an dat muss een och gesinn!

Also mir schwätze gär iwwert d'Juegd. Mir kucken, dass mer dat esou mënschlech wéi méiglech organiséieren, dass mer déi beschte Forme vun der Juegd fannen. Alles dat ass an der Rei. Awer dat, wat d'Piraten hei maachen, déi Karikatur vum Jeeër an deem Dedain fir de Wëldschued fir d'Bauern an déi aner Leit, déi ënnert deene Situatiounen leiden, ass absolutt inakzeptabel. Mir stëmmen déi hei Motioun dowéinst och net mat.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

(Brouhaha)

An dann ass d'Wuert fir den Här David Wagner.

■ **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Also ech kommen aus der Haaptstad, mee trotzdeem ass de Bësch mer net onbekannt. Béis Zonge géife behaapten, ech wier oft dran. Mee ech wunnen ...

(Interruption)

A, gesitt Der!

■ **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Géi op d'Pult!

■ **M. David Wagner** (déi Lénk).- Da ginn ech op d'Pult.

(M. David Wagner rejoint le pupitre.)

Esou, elo sinn ech genuch gelaf.

(Hilarité)

Här President, och an der Haaptstad hu mer Bëscher an och Leit, déi a Sied wunnen, wëssen, wat e Bësch ass. Ech wunne beim, mäin Noper ass de Bambësch. Ech brauch just déi aner Sait vun der Strooss ze goen, da sinn ech am Bambësch. An deslescht hate mer tatsächlech och an der Stad ..., eisen Noper hat e Réi am Gaart. Dat ass zwar ganz léif, mee normalerweis heescht dat, dass esou en Déier huet missen iwwert d'Haaptstrooss goen. Ech mierken och, vu dass ech do grouss gi sinn an där Géigend, dass mer vill méi Déieren och héieren an ze gesi kréie wéi deemools. An dat huet warscheinlech eng ganz Partie Ursaachen an ech konnt déi och virduen a menger Interventioun awer e bëssen opzielen.

Déi Ursaachen, déi hunn awer och eppes domadder ze di justement, dass d'Biodiversitéit gestéiert gëtt duerch Versigelung, duerch d'Äerderwiermung, duerch de Fait, dass den natierleche Raum vun den Déieren ageschränkt gëtt duerch mënschlech a wirtschaftlech Aktivitéiten. Dat bewierkt dann och, dass Déieren net op där Plaz sinn, wou se higeiéieren, mee dat huet awer och eppes domadder ze dinn, dass vläicht de Mënsch Aktivitéiten huet, déi net onbedéngt esou geféiert ginn, wéi et sech gehéiert.

Mir soen och elo net als Lénk, dass mer prinzipiell géint d'Juegd sinn. Dorëms geet et net! Et muss awer ganz kloer ageenkt ginn. Mee wann een ëmmer erëm an déi Logik kënnt, dass een u sech e Symptom wëllt bekämpfen a seet: „Voilà, mir hunn e Problem mam Wëld“ ... Et ass d'Wuert gefall vum „Schued“, vum „Wëldschued“, wourënnen wirtschaftlech Aktivitéiten respektiv och Baueren ze leiden hätten. Do misst ee sech vläicht och d'Fro vum „Mënschschued“ stellen, well et ass oft esou, dass mir als Mënschen eng gewëssen Arroganz hunn an ëmmer „Schädlinge“ bezeichnen. Ech weess awer och net, ob et d'Déiere sinn, déi fir d'Klimaerwärmung zoustänneg sinn, fir d'Pollutioun op dëser Welt zoustänneg sinn. Ech wëll elo hei keng Romantik bedreiwen, dorëms geet et net. Mir liewen an engem ekonomesche System, deem d'Welt futti mécht, an domadder huet de Mënsch eeben - oder gewësse Mënschen, déi och Muecht hunn - eppes ze dinn.

Einfach ze soen, mir kéimen net derlaanscht, fir alles ofzeknallen, ass vläicht e bëssen ze vill einfach. An et verhënnert, dass mer eis gewëssen essenziell Froe stellen, wéi mer mat der Natur ëmginn. Dat ass kengem iergende Virwurf gemaach. Wéi gesot, Juegd an engem gewëssene Rame brauch een och. Ob elo gewësse Leit Spaass dobäi fannen, bei deem Sport, deem awer iergendeppes mam Doud ze dinn huet, dass ass eng philosophesch Fro, mee déi ech och net wëll hei ugoen. Mee op jidde Fall menge mer schonn, dass mer eis déi richteg Fro solle stellen.

A mir mengen och schonn, dass d'Piraten mat hirer Motioun awer och e Jalon setzen, an deementsprechend wäerte mer se matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. An da geet d'Wuert nach eng kéier un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Also et ass ganz richtig, wéi den David Wagner gesot huet. Et ass ëmmer einfach, den Déieren d'Schold ze ginn. Heiansdo kann een awer och emol de Mënsch a Fro stellen, op wéi engen Terrainen dass de Mënsch virgeet.

Fir dem François Benoy vun deene Gréngen ze äntweren: Jo, ech hat lech jo e puer Argumenter uginn, firwat dass déi Klappjuegd awer net deem Effekt huet. Mir schwätzen och schonn éiweg iwwer Klappjuegten. Si ginn éiweg ofgehalen, de Bestand ass trotzdeem héich. Statistesches géif ee gesinn: Et huet net geklappt. Et misst een eng aner Léisung sichen.

Dir gleeft vläicht Verschiddenen, déi mer hei zitéiert hunn, wéi PETA, deene gleeft Der net méi. Ech hunn awer hei e Mann fonnt, ech hoffen, dass Der deem awer gleeft. Dat ass nämlech vum 17. Januar 2002, du war e François Bausch nämlech Conseiller an der Stad. An do ass et ëm de Bambësch gaangen. Ech mengen, Dir kennt allegueren d'Diskussiounen, déi duerno geféiert gi sinn ëm de Bambësch. An do schreift en Här Bausch, deem ech an deem Fall ganz schätzen: „Experten sind sich einig, dass eine Treibjagd ein wenig geeignetes Mittel ist, um Wildschweinschäden unter Kontrolle zu halten.“ Do ginn ech dem Här Bausch an deene Gränge komplett Recht; dat kënnt och vir. Ech mengen, wann Der Recht hutt, muss ech lech jo och Recht ginn. Dann: „Der betriebene Aufwand - teilweise Sperrung der Straßen, Mobilisierung von Gemeindediensten - steht in keinem Verhältnis zum angepeilten, zweifelhaften Resultat.“ Do huet den Här Bausch nach eng kéier komplett Recht an eisen Aen.

■ **Une voix.**- Wat ass d'Léisung?

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Wat d'Léisung ass? Professionell Jeeër, déi op hir Juegd ginn, an net nëmmen de Weekend, fir Party ze maachen, ...

(Brouhaha et exclamations)

■ **M. Guy Arendt** (DP).- Haalt dach nëmmen op!

(Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Här Arendt, streit Dir hei of, dass et do z'iessen an ze drénke gëtt?

(Protestations)

■ **M. Guy Arendt** (DP).- Wat jo total falsch ass!

■ **Une voix.**- Eng Insulte fir d'Jeeër, dat do!

■ **M. Guy Arendt** (DP).- Gitt emol eng kéier mat op eng Juegd!

(Brouhaha, interruptions et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ech huelen zur Notiz, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Dat maacht Dir all Dag, ...

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- ... dass d'DP zimmlech pro Juegd ass, zimmlech pro Juegd!

■ **M. André Bauler** (DP).- D'Piraten sollen op de Schéffer bliwen!

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Jo, d'DP ka sech opreegen! Also mir sti fir den Déiereschutz. Ech weess net, firwat dass Dir stitt.

(Exclamations)

A weider huet den Här Bausch gesot: „Wir rufen des-halb“ - dofir iwwerrascht et mech och net - „den CSV/DP-Schöffenrat auf, die für den 22. Januar geplante sinnlose Treibjagd sofort abzublasen.“ An ech kann dem Här Bausch just Recht ginn an ech hätt mer gewënscht, dass wéinstens déi gréng sou wéi déi Lénk haut géint d'Klappjuegd gestëmmt hätten, well ech mengen, am déiwen Häerz wësse se, wat mer wëllen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun där Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Dann ass dës Motioun bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Aly Kaes), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Emile Eicher), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup).

6. 7724 - Projet de loi modifiant la loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement et modifiant :

1° la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ;

2° la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau ;

3° la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Mir kommen elo zum Projet de loi 7724 iwwert den Impakt vun ëffentlechen a private Projeten op d'Ëmwelt. D'Riedezäit ass nach eng kéier nom Basismodell festgeluecht a Rapportier ass och dës kéier den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.



Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Hären, ech presentéieren lech de Gesetzesprojet 7724 iwwert d'Ëmweltempaktevaluatiounen. Mir maachen hei kleng, awer wichteg Upassungen am Beräich vun der Ëmweltempaktevaluatioun, virun allem am Beräich vun der Informatioun an der Consultatioun vum Public.

Mir änneren haaptsächlech d'Gesetz iwwert d'Ëmweltempaktevaluatioun, mee och d'Gesetzer vum Naturschutz, dem Waasser an dem Établissement classé, also dem Kommodo.

D'Gesetz iwwert d'Ëmweltempaktevaluatioun vun 2018 transposéiert d'europäesch Direktiv iwwert d'Evaluatioun vun den Ëmweltempakter vu verschiddenen ëffentlechen a private Projeten. Bei dësem Gesetz geet et drëms, fir direkt am Virfeld vun engem gréisseren Projet d'Auswirkungen op de Mënsch, d'Ëmwelt an de Klima ze analyséieren an och déi néideg Precautiounen virzegesinn.

D'Europäesch Kommissioun huet Lëtzebuerg an enger Lettre de mise en demeure den 11. Oktober 2019 drop opmierksam gemaach, dass d'Direktiv op verschiddene Punkten awer net korrekt transposéiert wär, an dofir passe mer d'Gesetz elo un.

Nëmmen zwee Méint nodeems mir dee Brëif vu Bréissel kruten, huet d'Regierung der Europäescher Kommissioun eng Rei Amendementer proposéiert, déi en Avis motivé vun der Kommissioun verhënnert hunn. Déi Responsabel vun der Kommissioun hunn der Regierung an engem informellen Echange confirméiert, dass déi proposéiert Adaptatiounen hire Kriticke géife gerecht ginn.

D'Haaptchangementer bei der Ëmweltempaktevaluatioun, déi mat dësem Gesetz kommen, sinn éischter technesch. Den Artikel iwwert d'Informatioun an d'Consultatioun vun de Bierger an der Ëmweltempaktevaluatiounsprozedur gouf nei geschriwwen, fir méi kloer ze sinn. Déi kompetent Autoritéit kritt d'Méiglechkeet, fir op extern Experten zrëckzegräifen, fir de Rapport iwwert d'Ëmweltempaktevaluatioun ze iwwerpräiwen.

Och den Artikel iwwert d'Informatioun an d'Consultatioun vun de Bierger an der Prozedur vun der Ëmweltempaktevaluatioun, ganz spezifesch bei Transportinfrastrukturen, gouf nei strukturéiert an un d'Prozedur ugepasst: Den Avis muss elo an zwou Zeitunge publizéiert ginn an e prezisen Delai gëtt ageféiert, bis weini d'Observatiounen kënnen gemaach ginn, nämlech bannent 30 Deeg. Heimadder äntwert de Gesetzesprojet op d'Kriticke vun der Kommissioun am Bezuch op eng inkomplett Transposition vun der Direktiv op dësem Punkt.

Bei engem Transportinfrastrukturprojet kritt de Minister en Delai, fir d'Decisioun ze huelen iwwert d'Konditiounen vum Amenagement respektiv der Exploitatioun a puncto Ëmweltempakter, also Loft-, Waasser-, Naturschutz an esou weider, nämlech 180 Deeg ab deem Moment, wou den Avant-projet détaillé erakomm ass.

De Prozess vun der Consultatioun war bis elo anescht, nämlech huet de Maître d'ouvrage missen en Dossier bei der Gemeng ofginn an da gouf e vun der Gemeng affichéiert an d'Bierger hunn hir Aweise bei der Gemeng eragin.

Am Beräich vum Naturschutz ginn d'Konklusiounen vun der Ëmweltempaktevaluatioun an d'Konditiounen vun der Autorisatioun iwwerholl.

Nieft den Ännerungen opgrond vun der Mise en demeure vun der Kommissioun gëtt awer och dovun profitéiert, fir e puer weider Verbesserungen ze maachen. D'Gesetz gëtt ugepasst fir ze erméiglechen, fir d'Enquête publique iwwert déi nei elektronesch Plattform ze maachen, un där den Digitalisatiounsministère grad schafft. Da gëtt awer och d'Méiglechkeet geschaaft, fir verschidden Informatiounen kënnen ausserhalb vun der ëffentlecher Prozedur ze behandelen, wa Fabrikatiounsgeheimnisser, international Relatiounen, déi national Sécherheet, d'Verdeedegung oder d'ëffentlech Uerdnung duerch d'Offeleë beanträchtegt kéinte ginn.

De Gesetzesprojet definéiert awer och, wat net als Fabrikatiounsgeheimnis ka gëllen: nämlech Emissiounswärter, den Impakt op d'Ëmwelt oder d'Notze vun natierleche Ressourcen, déi duerch d'Produktiouns- oder d'Betribsofleeft entstinn, oder och Informatiounen zu der Gesondheet an der Sécherheet vum Personal oder zum Naturschutz.

Schliisslech ginn och e puer materiell Feeler an den Texter verbessert.

Här President, Dir Dammen an Hären, a sengem Avis mécht de Staatsrot keng formell Oppositioun, mee awer e puer Remarken. E verweist zum Beispill op säin Avis zum leschte Gesetzesprojet zur Ëmweltempaktevaluatioun, ënner anerem zur Fro, wat d'Informatioun vum Public an d'Moyenen dofir ugeet. Och de Syvicol traitéiert a sengem Avis dës Punkten.

De Staatsrot bemierkt och, dass d'Direktiv Sanktiounen virgesäit fir de Verstouss géint d'legal Obligatiounen, virun allem vun allen Etappe vun der Ëmweltempaktevaluatiounsprozedur. Hei gouf een Artikel vergiess an dofir gouf den Text ugepasst, wéi de Staatsrot dat gefrot huet.

De Staatsrot versteet, wéi sou den Text d'Méiglechkeet gëtt, fir verschidden Informatiounen am Fall vu Fabrikatiounsgeheimnisser ausserhalb vun der ëffentlecher Prozedur ze behandelen. En huet awer Bedenken a puncto Defense oder international Relatiounen.

Mir kruten an der Kommissioun erkläert, dass ee sech limitéiert Fäll ka virstellen, an deenen et Projekte gëtt, déi ënnert d'Impaktevaluatioun falen, mee déi och eng gewësse Wichtegkeet fir d'national Sécherheet hunn, zum Beispill de Reamenagement vum Härebiereg.

Et geet drëms, d'Méiglechkeet ze schafen, dass de Maître d'ouvrage kann ufroen, dass verschidden Deeler vun esou enger Anlag geheim gehale ginn. Informatiounen zu den Emissiounen, Impakter op d'Natur an d'Gesondheet ginn natierlech public gemaach, sou wéi ech dat schonn erkläert hunn.

Souwuel d'Handelskummer wéi och de Syvicol hunn an hiren Avisen och Froen zu dësem Punkt opgeworf. D'Handelskummer begréisst dann an hirem Avis, dass d'Enquête publique elo iwwer eng nei elektronesch Plattform soll gemaach ginn.

Wéinst dem Brëif vun der Kommissioun gouf et an dësem Gesetz eng gewëssen Urgence. Sou wéi de Staatsrot et och a sengem zweeten Avis ënnerstrach huet, huet d'Ëmweltkommissioun d'Majoritéit vu sengen Observatiounen consideréiert a just nach e klengen Amendement gemaach, nämlech dass den Avis amplaz a véier just an zwou Dageszeitunge muss verëffentlecht ginn, sou wéi mer et och am Projet de loi zum Naturschutzgesetz virgesinn hunn.

Den Avis vum Syvicol kour iwwerengs an der Chamber eran, nodeems mir de Gesetzesprojet schonn an der Kommissioun duerchgeholl haten an d'Amendementer an de Staatsrot geschéckt haten. Fir weider Detailler verweisen ech dann op mäi schrëftleche Rapport.

De Gesetzesprojet 7724 iwwert d'Impaktevaluatioun gouf de 27. November zejoert vun der Ëmweltministesch an der Chamber deposéiert. Mir kruten Aweise vum Staatsrot, der Handwerker- an der Handelskummer an dem Syvicol. Den 9. Mäerz huet d'Ëmweltkommissioun de Projet duerchgeholl an en Amendement gemaach. An nodeems mir dem Staatsrot säin Avis complémentaire kruten, huet d'Ëmweltkommissioun mäi schrëftleche Rapport de leschte Mëttwoch ugeholl.

Wéi gesot, an dësem Gesetzesprojet maache mer Upassungen am Beräich vun der Ëmweltempaktevaluatioun, virun allem am Beräich vun der Informatioun an der Consultatioun vum Public, an der Digitalisatioun vun de Prozeduren.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der grénge Fraktioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur François Benoy Merci.

An ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, dat ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf.

Discussion générale

■ **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV).- Merci, Här President. Ech maachen dat kuerz, ech maachen dat vun dëser Plaz aus. Ech wëll hei virun allem dem Rapporteur a President vun der Chamberskommissioun François Benoy e grouse Merci soen. Hien huet dat hei exemplaresch an allen Detailler - an en huet näischt ausgelooss, ech kann lech dat versécheren! - gutt erëmbreuecht.

Mir sinn eigentlech um Schluss vun engem laange Prozess, wann een et esou kuckt: 2011 ass déi EU-Direktiv publizéiert ginn, 2018 dat éischt Gesetz dozou gestëmmt ginn, 2019 huet dunn d'Kommissioun mat enger Mise en demeure eis zur Kenntnis bruecht, dass een nobessere muss, an 2021 kënnen mer dann elo dat doten ofschléissen, also zéng Joer no der Direktiv. Dat kéint een elo kritesch kucken, mee et ass e Prozess, an deem een dran ass. Mir sollen et konstruktiv kucken, mee mir kënnen awer och gläichzäitig soen, dass mer keng Zäit verléieren a séier ofstëmmen.

Ech wëll awer just nach ee Saz soen: Also positiv heirunner ass, dass een hei konnt net nëmme redresséieren, mee awer eng Rëtsch vun Erlichterungen duerch d'Digitalisatioun abauen. An ech begrëssen dat explizitt op dëser Plaz. Et erlaabt och de Gemengen, méi einfach mat deem Prozess vun Informatioun an Transparenz vis-à-vis vun den interesséierte Gruppementer an de Bierger ëmzegoen. Dat ass extreem positiv, mengen ech, fir jiddereen heibannen.

An ech wëll do eng Fro just nach drunhänken, an dat ass déi, déi och d'Chambre de Commerce opgeworf huet, déi d'Fro dann einfach gestallt huet, wou dann déi Plateforme d'enquêtes publiques dru wier an a wat fir engem Delai een domadder kéint rechnen. Well de François Benoy huet et ernimmt, dass déi amgaangen ass ausgeschafft ze ginn. An et wier flott, wann d'Madamm Minister eis kéint soen, a wat fir engem Delai mer do d'Enn vum Tunnel géife gesinn an där doter Saach.

Domadder ginn ech awer den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Schaaf. An de Mikro ass elo „on“ fir den honorabelen Här Max Hahn.

■ **Plusieurs voix**.- A!

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi wéi gewinnt ganz gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hien ass schonn op d'Detailler vum Gesetzesprojet agaangen, déi eenzel Punkten, wou mer vu Bréissel gesot kruten, mir missten nobesseren, a wéi mir dat da géife maachen.

Ech wëll mech dowéinst drop beschränken ze soen, dass et fir eis als Demokratesch Partei immens wichteg ass, bei groussen Infrastrukturprojeten d'Ëffentlechkeet ze informéieren a puncto Impakt op d'Ëmwelt an och op d'Leit, déi an der Géigend wunnen, an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, hiren Avis auszudrécken. D'Leit anzebannen a si zu Wuert kommen ze loossen, ass, mengen ech, dee richtege Wee an et hëlleft natierlech och, d'Akzeptanz fir verschidde Projeten ze verbessern.

An deem Kader gesäit de Gesetzesprojet jo och vir, dass dëst iwwer eng digital Plattform geschéie kann. Domadder gi mer iwwert dat eraus, wat mer hätte misse maachen. Mir begrëssen dat natierlech voll a ganz, well mer mengen, dass et am Joer 2021 net ze fréi ass, d'Potenzial vun digitalen Technologien och am Beräich vun der Biergerbedeelegung an der Transparenz esou gutt et geet ze mobiliséieren.

Dowéinst begrëisse mer ausdrécklech d'Schafe vun der Plattform enquetes.publiques.lu, déi den delegierte Minister fir Digitaliséierung Marc Hansen uganks vun dësem Joer virgestallt huet. Dat ass de wichtege Wee, well een hei alt nees ka ganz gutt gesinn, wéi ee Potenzial déi Technologien hunn, fir vill Facetté vun eise Liewen eebe positiv ze beaflossen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen** (LSAP).- Merci, Här President. Och ech wëll d'Aarbecht vum Rapporteur luewen, souwuel wat de schrëftleche wéi och de mëndleche Volet ubelaangt. Et geet hei ëm gutt an ëm noutwendeg Upassungen, mat deene sech eis Partei natierlech absolutt kann ufrënnen. An dofir ginn ech och ouni weider an den Detail ze goen den Accord vu menger Partei. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hemmen. Da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Merci, Här President. An och merci dem Här Benoy fir déi wichteg Informatiounen. Mir wäerten als ADR dat heiten och matstëmmen. Ech wollt awer nach eppes Klenges bäifügen, wat mer elo agefall ass, wéi den Här Hahn geschwat huet, deen dovun geschwat huet, dass hei elo duerch déi Digitaliséierung d'Leit méi einfach agebonne ginn, dass een dann am Dialog mat de Bierger d'Saache ka maachen, zesumme mat de Leit kann decidéieren, op d'Leit lauschteren.

Ech géif an deem Kontext drun erënneren, dass een dat bei ville Projete ka maachen, zum Beispill och bei der Verfassung, andeems een e Referendum organiséiert. An da wiere mer bei engem anere Punkt nach, wa mer vun Digitaliséierung schwätzen: Mir hunn nämlech nach eng ganz Partie vu Prozeduren bei de Gemengen, wou keng Digitaliséierung virgesinn ass. An dat ass zum Beispill, fir zwëschen deenen zwee Votten am Kontext vun enger Verfassungsännerung e Referendum unzefroen, wou d'Leit nach ëmmer mussen sur place goen, amplaz dat digital vun doheem aus kënnen ze maachen. Déi Méiglechkeeten hu mer a sollte mer dann och an anere Beräicher uwennen.

Merçi.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Keup.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Ministesche fir Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*.- Villmools merci, Här President. Merci och nach eng Kéier dem Rapporteur fir dee flotte mëndlechen a schrëftleche Rapport a fir déi grouss Zoustëmmung, déi mer hei am Raum hu fir dës Upassung, dës Ännerung, déi awer wierklech eng wichteg ass, well d'Transparenz an den Dossiere bewierkt tatsächlech méi Akzeptanz bei grouse Projeten, wou et wichteg ass, den Ëmweltempakt am Virfeld ze kennen an dass d'Bierger matagebonne ginn.

Firwat sinn ech op de Pupitre komm? Majo, well den Här Schaaf eng Fro gestallt huet an ech mengen, dass et awer ganz wichteg ass, den Deputéierten och matzedelen: Déi Plattform gëtt et. Well aktuell, mengen ech, si scho 14 Enquêtes am Beräich Environnement, mee awer och ganz vill anerer an anere Beräicher. Do gëtt et eng Statistik, déi Der kënn kucke goen op där Plattform, déi, mengen ech, mëttlerweil flott Faart ophëlt, wou et net nëmme méi einfach, mee awer och fir vill Leit méi einfach gëtt, un déi Informatiounen ze kommen. Dofir, déi ass elo fonctionnell an do kënnen well Saachen driwwer lafen. Dëst, fir just Bescheed ze ginn.

An dann, am Ëmweltberäich si mer natierlech immens drop gefaasst, dass mer wierklech déi Digitaliséierung zesumme mam Digitaliséierungsministère no vir driiwen. An dofir ass et och flott kënnen ze soen: Mir hu virun e puer Wochen deen éischte ganz digitalen Autorisatiounsossier gehat am Kader vum Waasser. An d'Fëscherpermisen zum Beispill, déi waren och déi éischt Permissen, déi a sech digital online waren.

Mir sinn elo och un anere Projeten do ëmmer erëm konstant um Schaffen. Dir wësst et, d'Digitaliséierung mécht eis an dësem Fall d'Liewe méi einfach an eisen Administréieren hei och méi einfach, fir Dossieren anzekucken, an dat an engem fréie Stadium, dann, wann den Ëmweltempakt gekuckt gëtt.

An domat soen ech lech e grouse Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7724. Den Text steet am Document parlementaire 7724⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7724 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Emile Eicher), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Le saviez-vous ?

DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.